SÜDAFRIKA

Endlech sinn all wichteg Infoen a Präisser betr. eise
Mega-Tour a SÜDAFRIKA vum 25. Dezember 2019 bis de 14. Januar 2020 bekannt.

Wat nach gefehlt huet waren eis Vol'en, an do hu mir elo den Optimum fonnt.
Vläicht 100€ méi deier wéi gehofft, awer vun hei Heem fort an och nees heihinner zréck !

Mëttwoch, den **25.12.** 2019 (Krëschdag-Owend)
Départ zu Lëtzebuerg-Findel um 19:00 Auer –> op **Zürech,** wou mir um **20:00 Auer** fir 2½ St. zwëschelanden.
Um **22:40 geet et dann weider mat engem Nuetsflug vun Zürech op Johannisburg,** wou mir den aner Moien (26.12.) um **10:20 Auer** landen.

Zréck komme mir Méindes, den **13. Januar 2020 –** Départ zu **Kapstadt um 18:25 Auer, -** an zwar op **Frankfurt,** wou mir deen anere Moien (14.01.) um **05:25 Auer** landen.
Um **07:20 geet et dann vun Frankfurt aus zréck op Lëtzebuerg –**
Arrivée zu Lëtzbuerg-Findel Dënschdes, de 14. Januar 2010 um **08:00** Auer Mueres!

Et sinn Direktvolen, ouni Zwëschelandung, mat der Suiss iwwer Zürech op Jo-burg dohinner a mat der Lufthansa iwwer Frankfurt zréck op Lëtzebuerg.
Natirlech ginn et och eppes méi bëlleg Flich vu Frankfurt op Jo-burg oder vun Kapstadt iwwer Jo-burg zréck op Frankfurt (mat Zwëschelandung) a vill Zäitverloscht.
An dann muss een och emol nach op Frankfurt an nees zréck kommen (mat Bus, Auto oder ev. Zuch) wat och net gratis ass a mindestens 2x 4 bis 5 Stonnen Zäit kascht.
Dat hei ass fir mech eng optimal Léisung mat direkte Verbindungen ouni vill Zäitverloscht vun hei fort an och nees heihinner zréck.

A beim Präis vun 947€ fir 4 Flich sinn all Steieren a Frais'en schon abegraff.

Wat eis den Tour selwer (doënnen) kascht ass jo bekannt: (mir si jo schon méi wéi 12 Leit)!

Präis:	*bei 15 Teilnehmer*		*bei 12 Teilnehmer*		*bei 10 Teilnehmer*	
Motofuerer	DZ	EZ	DZ	EZ	DZ	EZ
700GS	3.743	4.440	3.836	4.533	3.928	4.625
800GS	3.890	4.587	3.982	4.679	4.075	4.772
1200GS	4.383	5.080	4.476	5.173	4.568	5.265

Et hänkt just dovunner of wéi e Moto Dir wëllt hunn (3.750 – 4.380) **an ob dir am DZ oder EZ sidd.**

De Präis vun der Sozia ass jo wuel kaum ze beanstanden !

Sozia			
	1.973	2.066	2.158

Wat alles am Präis abegraff ass steet jo am Attach (Moto, Begleitfahrzeug, 4 Safarien an öfters och nach HP)
(Am Begleitfahrzeug mat eisem Gepäck) sinn iwwregens och nach begrenzt Plaze fräi.)

Natirlech ass et méiglech dës Tour och mat engem Auto (Jeep) mat ze fueren, well et eis kloer ass, dass net jiddereen déi munnechmol schwiereg Strecken (och off-road), länger Etappen, (och mol 400km+) a quasi 3 Woche laang Tour, mat engem Moto matfuere wëll/kann!

Fir Leit déi an engem 2. Auto wëlle mat fueren, sinn Präisser esou :

Zu **2** z.B. an engem **Toyota Fortuner 4x4**: am **DZ 2780.-€/pers.** – am EZ **3477.-€/pers.**
Zu **4** z.B. an engem **Toyota Fortuner 4x4:** am **DZ 2242.-€/pers.** – am EZ **2939.-€/pers.**

Fir weider Informatiounen kënnt Dir mech gären um 50 22 51 oder 621 261 202 uruffen !

Waart awer w.e.g. net all ze laang mat der Umeldung !!!
(Et kënne leider och net onbegrenzt Leit matfueren.)

N.B. Fir Südafrika brauch een e Pass, deen och nach bis 6 Méint no der Rees gülteg ass !

AB